N°1880
Entrée le 03.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.02.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Zuele vu Gewalt a sexuellem Mëssbrauch duerch Mannerjäreger huelen an de leschte Joren dramatesch zou. Ëmmer méi dacks gräifen och Kanner a Jugendlecher zu Waffen, fir hir Doten ze begoen. Experte warnen, datt et wichteg ass, fréizäiteg op Warnsignaler ze reagéieren an d'Eltere mussen hir Verantwortung méi eescht huelen. Et muss gekuckt ginn, wéi een dës Entwécklungen an Zukunft verhënnere kann.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir d'Gewalt an de Waffen ënner Mannerjäregen anzedämmen?
2. Gëtt et Pläng fir eng besser Opklärung an de Schoulen iwwer d'Gefore vu Gewalt a Waffen?
3. Sinn zousätzlech Ressourcen a Personal virgesinn, fir déi betraffe Kanner a Jugendlecher besser ze begleeden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten